

## **Scène 1:**

De Vorhang geet op, op der Bühn as de Michel am Gaang Fotoen vum Claudine ze maachen. Et herrscht d'Atmosfär vun engem Fotostudio: Haart modern Musik, Scheinwerfer, Blëtzer. Am Hannergrond as de Jengi domadder beschäftegt, d'Scheinwerferen ze riichten. D'Claudine poséiert virum Michel, deen him Uweisunge gëtt, wéi hatt sech behuele soll.

Michel: Jo, esou as et gutt!

Jengi: Scheinwerfer 2 un, 3 aus.

Michel: Dajee, Claudine, net esou schei!

Jengi: Scheinwerfer 3 un.

Michel: Jo, Claudine, e bëssen no vir. Nee, net esou domm laachen. Bleiw cool.

Jengi: Michel, du gëss eng Kéier grad esou e berühmte Fotograf ewéi de Steichen.

Michel: Claudine, wackel net esou doruechter, soss gëtt d'Bild net schaarf.

Jengi: Nee, Michel, a wéis du och mat dénge Modellen emgoe kanns.

Michel: Non di Kass, Claudine, elo kriss de gläich eng!

Jengi: Jo, Michel, esou as et richteg, streng iewer gerecht, Scheinwerfer 2 un.

Michel: Ma Claudine, net esou zappelech! An elo de Kapp e bëssen no hannen! Ne, iewer nach e bëssen no vir.

Elo kommen hannen op der Bühn de Bad Boy, d'Bad Girl, den Terminator an de Rex eran. Iwerdeems wou de Michel an d'Claudine streiden, schläichen si sech bei de Jengi, paakken hie vun hannen, halen him de Mond zou an zéihen hie vun der Bühn.

Michel: So Claudine, wéi wëlls du dann eng Kéier d'Nofolgerin vum Claudia Schiffer gin , wanns du eremhopps ewéi e Kängeruh deen am Gaang as en Ee ze leën?

Claudine: Elo geet et mer iewer gläich duer! Ech stin elo schon eng hallef Stonn hei ouni eng Kéier ze bougéieren. Ech hu schon e Krämpchen am Been, an du brauchs némmen do op däin topechen Apparat ze drécken, an dann heescht et och nach "O kukk emol, wat e grousse Fotograf!"

Michel: So Claudine, du hues och nach all Ursach, dech ze bekloen. Elo man ech en Topmodell aus dir, an du beklos dech iwert eng hallef Stonn poséieren. Ech mengen du ticks net méi richteg.

Claudine: Michel, wann ech net hei sting, da kéins du iwerhaapt näischt man. Wat wiren dann d'Fotografen ouni hir Modellen? Guer näischt!!! An du , Här Starfotograf, du kanns mech gläich...

Michel: Dajee, Claudine, entschélleg, et war net esou gemengt. Fotograf ze sin as eben emol e schwéieren Job, do kann et virkommen, datt een emol d'Nerve verléiert. ... Ma Jengi, wou liichst du dann elo erem hin? Ech gi nach geckeg mat iech zwee. Bal as d'Claudine nieft de Kapp, bal liichst du d'Aaffe vun de Beem.

Claudine: So Michel, de Jengi as jo guer net méi do!

## Scène 2:

Gefesselt a geknebelt schleefen d'Bad Kids de Jengi op d'Bühn.  
Hie  
struwelt a wëllt sech befreien, mee si halen e gutt fest, et geléngt him  
net lasszekommen.

Terminator: Allez, Jengelchen, da schéck dech, soss soe mir et dénger Mama.

Michel + Claudine: Oh nee, d'Bad Kids.

Michel: Dir hutt eis elo grad nach gefeehlt.

Rex: Oh Claudine, spills de erem Claudia Schiffer mat déngem Starfotograf.

Terminator: Mee Rex, ech mengen do misst et iewer nach e bësse bääbauen.

Michel: Sabbelt net domm an der Gegend erem, loosst de Jengi fräi, hien as mäi Beleuchter.

Bad Girl: Ech laache mechoud.

Bad Boy: Mir sin net hei fir Witzen ze man. Mir deelen iech heimadder offiziell mat, datt mir de Jengi gekiddnappt hun, an datt mir e Léisegeld fir séng Fräiloossung verlaangen.

Claudine: So ech mengen, du hues zevill Fernseh gekukkt!

Bad Boy: Mir gin iech dräi Deg Zäit, wa mer bis dohinner kee Léisegeld gesin hun, da späre mir de Jengi bei den Bulldog, eisem Noper säi Bullterrier, an da kukke mir emol wéi de klenge Jengi do danze wärt.

Bei dëse Wieder zuckt de Jengi zesummen.

Claudine: Dat kënnt der dach net man, dir wësst dach ganz genau wéi de Jengi d'Hënn färt.

Terminator: Ma dofir maache mir et jo.

Rex: So Terminator, mir kënnte jo eise Starfotograf engajhéieren fir de Spaass festzehalen.

Terminator: Jo, Rex, ech gesin de Jengi schon hopsen a sprangen.

Rex: So Bad Boy, de Spaass do wärte mer eis net entgoe loossen.

Michel: Sot endlech, wéi e Léisegeld der verlaangt, datt de Jengi nees fräikënnt.

Bad Boy: Da maach emol e Virschlaag, du Null!

Michel: Ech gin der ... e Spill fir déng Playstation.

Bad Boy: Méchs du de Geck mat mir, dat geet net duer!

Michel: Déi nei CD vun de Spice Girls.

Bad Girl: Mir sin iewer net méi an der Spillschoul.

Claudine: Gëff hinnen déng Fotoen, déis du vu mir gemaach hues!

Michel: Gutt, ech gin iech méng ganz Fotosammlung.

Rex: Do kukken ech léiwer aner Biller...

Michel: Ech mengen, et geet deenen nëmmen drëm de Jengi ze péngechen.  
Déi wëllen iwerhaapt kee Léisegeld. Ma da sot dir emol, wat der gären hätt.

De Bad Boy zéckt e Moment, da laacht en hannerhälteg.

Bad Boy: Maja, Michel, du bass jo esou e grousse Fotograf, fir dass mir de Jengi fräiloossen, muss du eis eng Foto vum Klëppelkrich gin.

Claudine: Klëppelkrich? A wat as dat dann?

Terminator: Also, hutt der net verstan? Entweder eng Foto vum Klëppelkrich oder de Jengi danzt mam Bulldog.

Michel: Gutt, ech gin iech eng Foto vum Klëppelkrich. Mee da geschidd dem  
Jengi näischt. Dat as eis Wett, an un déi musst der iech halen.

Bad Boy: An dräi Deg hu mir eng Foto vum Klëppelkrich, soss geet de Jengi bei de Bulldog. Esou as d'Wett, a gëff mer elo deng Hand doropp.

Michel: Esou as d'Wett. Hei hues de méng Hand!

Rex: Mar komme mer kukken, wéi wäit dass de scho komm bas.

Terminator: Do hat de Bad Boy iewer eng cool Iddi, esou eng Foto kann et jo iwerhaapt net gin.

D'Bad Kids verschwanne vun der Bühn an huelen de Jengi mat.

Claudine: An elo?

Michel: Wat an elo? Näischt méi einfach wéi dat. Elo ma mir eng Foto vum Klëppelkrich an da kënnt de Jengi fräi. Mee mäi léiwe Jong, dono rabbelt et iewer. Da kréien déi Knascherte vu Bad Kids der iewer emol richteg op

d’Panz. Rache!!!

Claudine: So Michel, du bas der dénger Saach zimlech secher. Mee de Kléppelkrich, wat as dat iwerhaapt?

Michel : A wouhir soll ech dat wëssen? T as dach ganz egal. Géi ruff emol déi aner Tornados. Da kënne mer e Schlachtplan ausschaffen. Vergiess net de Professer, hie kann eis bestëmmt soen, wat dee Kléppelkrich as.

### Scène 3:

De Michel as eleng op der Bühn.

Michel: Esou,schnell e neie Film ageluecht, dat kann dach kee Problem sin, esou en armséilege Kléppelkrich ze fotograféieren. Elo gëtt schnell eng Foto gemaach, an dann as de Jengi fräi. An dono gëtt Gromperebulli mat Mettwurscht aus de Bad Kids gemaach.

Also... wat dat erem dauert. Wou bleiwen se nämmen, se wëssen dach , datt mer keng Zäit ze verléieren hun...

No a no kommen all Tornadoen op d’Bühn.

Elise: Et meld sech Tornado 2, Elise, Zwillingsschwëster vum Tornado 1, Zwelise.

Zwelise: Et meld sech Tornado 1, Zwelise, Zwillingsschwëster vum Tornado 2, Elise.

Michel: Elo übe mer dat ewer scho Joerelaang, an dir kënnt iech nach emmer net éierbar virstellen.

Elise: Firwat muss ech dann iewer och als Elise Zweetornado sin?

Zwelise: An ech als Zwelise Entornado?

Michel: Ma sidd dach net esou kannerech. Äre Numm huet dach näischt mat eisem Codewuert ze din.

Dann Ali kënnt eragestiirmt.

Ali: Wou sin déi Säck? Ech haen se freckt.

Michel: Wat soll dat do, Ali, brauchs du dech net méi virzestellen?

Ali: Oh, pardon, Michel. Hei as den Tornado 3, Ali mat Numm. Esou, an elo schloe mer lass!

Michel: Mon di d'Jëft, da maach dach emol lues. Wou bleiwt némmer de Professer? Fir d'éischt musse mer wëssen, wat hie seet!

D'Claudine an de Professer kommen eran.

Claudine: Tornado 4, Claudine mat Numm as op der Plaz.

Professer: Tornado 5, Professer mat Numm as och op der Plaz.

Michel: Endlech. Also, d'Claudine huet iech jo sécher verzielt wéi et em de Jengi steet, an datt mer mussen eng Foto vum Kléppelkrich erbäischaffen, fir en nees lasszekréien. Ech sin der Meenung, datt dat kee Problem dierft sin, a schlöen dowéinst vir , de Professer fir d'éischt ze lauschteren, dee kann eis bestëmmt soen, wéi mir dat ma sollen.

Ali: Firwat op de Professer lauschteren. Mir brauche némmer dohinner ze

goen, se lasszezéien, an de Jengi nees heemzebréngen.

Michel: Ali hal emol de Mond. De Risiko do as ze grouss. Professer da schwätz elo endlech!

Professer: Maja, léiw Tornadoen, ech si frou, datt der mech, de Professer em Rot frot.

Ali: Dajee, Professer, hal elo keng Rieden. So endlech datt mer se ugräife sollen.

Michel: Ali, elo nach eng Kéier, da gees de heem. De Problem as vill ze eescht, fir esou virzegoen.

Professer: Also ech mengen, datt de Problem nach vill méi eescht as, wéis du et gesäis, Michel. Dir hutt jo all schons vum Klëppelkrich héieren.

Alleguer wénken se mam Kapp.

Professer: Ma da wësst der jo alleguer, wat do geschidd war.

Alleguer rëselen se de Kapp.

Professer: Asou. dir hutt dat Wuert Klëppelkrich zwar schon all eng Kéier héieren, mee dir wëst iewer net wat et war!

Alleguer wénken se mam Kapp.

Professer: Tjo, da kënnt der net wëssen, datt de Klëppelkrich scho virun 200 Joer stattfond huet, an datt et du nach keng Fotoapparate goufen. Et goufen och nach keng Fernsehen an och nach keng Radioen. Et as also komplett onméiglech, eng Foto vum Klëppelkrich ze hun, well deemools sin et nach keng Fotoe gin.

Michel: Déi Knaschtsäck wousten dat elo, an dofir hun se déi Wett ugebueden.

Professer: Ganz genau, deer Meenung sin ech och. An dofir huet et och guer kee Wert, ze probéieren un esou eng Foto ze kommen, well et déi guer net gi kann.

Ali: Gesäis de Michel, et as èmmer nach dat Bescht se widder d'Käpp ze rennen.

Michel: Professer, hues du der d'Saach gutt iwerluegt, bas du der sécher?

Professer: Michel, kanns du dir da nëtt virstellen, wéi et hei virun 200 Joer ausgesin huet. Et gouf emol kee Lëtzebuerg, wéi sollen se dann Fotoe gemaach hun?

Claudine: Michel, mir kënnen dach net einfach nogin. Si waarden dach nëmmen drop, de Jengi bei den Hond ze spären. Villäicht gëtt et dach eng Méiglechkeet.

Michel: D'Claudine huet recht. Eis Chance sin zwar geréng, mee wéinstens sollte mir et probéieren. Mir musse méi iwert de komesche Klëppelkrich gewuer gin. Nëmmen esou kënne mir eng Léisung fannen. Professer, wou gi mir eppes iwert de Klëppelkrich gewuer.

Professer: Ma ganz einfach, mir musse nofroen. Ali, géi du elo bei deen ale Jos, do hadden an der Kéier. Deen huet e ganzt Liewe näischt anescht gemaach wéi Bicher ze liesen. Dee muss dach eppes wëssen. Elise an Zwelise,

dir gitt bei de Schoulmeeschter a frot no dem Schlëssel vun der Bibliothéik. Do misst der Bicher iwert de Klëppelkrich fannen. Claudine, du hues dach eng gutt Schnëss, fro du emol am Rescht vum Duerf no, villäicht wees nach een eppes. Ech gin op de Computer a surfen emol durch den

Internet, do fënd een iwert all Dommheet eppes.

Michel: Maja, gesäis du, nach as de Mätsch hei net verluer. Mar em déi gläich Zäit treffe mer eis hei erem, an da wärten d'Bad Kids emol eppes erliewen. Bis mar, Tornadoen, loosst de Kapp net hänken. (All, ausser dem Michel, verschwannen se vun der Bühn.)

## Scène 4:

Elo ass de Michel nach eleng op der Bühn, säin Äifer as ewéi fortgeblossen, hie léist de Kapp hänken. Hie wees ganz genau, datt en sech bei deer Wett iwerholl huet.

Michel: Eng Foto vum Klëppelkrich, jo, dat as séier gesot. Am Äifer, virun dem Claudine. Jo, do huet ee gutt schwätzen. Nëmmen de Professer huet

recht, et as onméiglech eng Foto vum Klëppelkrich ze man. Den as jo zénter 200 Joer eriwer. Vun de Leid déi deemools geliewt hun, as kee méi Rescht. Ech hun am Beschten, mir de Kapp net méi doriwer ze zerbriechen.

Op ee Mool gëtt et ganz däischter op der Bühn, eng komesch Musik kënnt vu

Wäitem, Niwwel fléisst aus dem Buedem a virun dem Misch taucht eng Gestallt

aus dem Klëppelkrich op. Et as de Schéifermisch.

Michel: Wie bas du?

Schéifermisch: Ech sin de Michel Pintz vun Asselbuer, bei alle Leid als de Schéifermisch bekannt. Kenns du mech iere net?

Michel: Nee, esou e komesche wéi dech hun ech nach ni gesin. Vu wou kënns du, wat wëlls du hei?

Schéifermisch: Ech hun elo eng laang Rees hannert mer, dofir looss mech elo net laang schwätzen. Esouvill soll dir némme gesot sin. Ech war deemools, virun 200 Joer derbäi, wéi mir op d'Festung Lëtzebuerg zéi ewollten. Wat ware mir domm, d'Eisträicher an d'Englännner hun eis verzielt, si kéimen eis zu Hëllef. Mir wollten et de Fransouse weisen. Mee déi ware méi staark wéi mir, an esou hu mir hir Kurele gefriess. Wees de Michel, ech sin och kee Gudde gewiescht, ech hun zwee franséisch Zaldoten um Gewëssen. An dofir hun

se mer honnert Joer méi spéit e Gedenksteen opgeriicht. Op ee Mool ware mir all Helden. Mee wou ech haut nach houfreg derfir sin, dat as well mer eis net ennerkréie gelooss hun. An dat as och mäi Rot fir dech: looss dech net ennerkréien, gleew un déng Saach, wanns de wees datt se richteg as. Looss dech net vun dénge Geigner beandrocken, mee géi däi Wee. Och du bas staark, iwerlee iers de handels, net wéi mir, déi mir blannemännches an eisen Doud gelaf sin. An nach eppes, wann et keng Foto aus dem Klëppelkrich gëtt, dann erfann dach einfach eng... An elo Äddi, Michel, erfann eng Foto, looss dech net ennerkréien...

Domadder verschwënd de Schéifermisch an dem Niwwel, a lues a lues kënnt de Michel nees zou sech. Elo as him op eemol alles kloer.

Michel: Natiirlech, wann et keng Foto gëtt, da muss ech eng erfannen...., jo, da muss ech eng noostellen. Firwat sin ech net méi fréi dorop komm?

## Scène: 5

De Michel sëtzt op der Bühn an engem Eck an as zimlech verzweifelt... hie léist de Kapp hänken.

D'Tornadoe kommen all op d'Buhn gestiirzt, a brëllen zesummen:

Ali: Ei, wat war dat deemools e Gemetzels!

Elise: Se wollte net bei d'Arméi!

Zweelise: Zu Clierf hun se verluer!

Claudine: Zu Houschend sin se virun dene Lëppschter Kéi fortgelaf.

De Michel steet op, hällt d'Hänn an d'Lucht a rifft:

Michel: Da brëllt dach net all duercherneen! Allez esou komme mer net weider, een nom aneren! Professer, fank du un!

Professer: Dir musst net alles gleewen, wat iwert de Kléppelkrich verzielt gett. Hei um Internet hun ech vun dem Consthumer 6.Schouljoer déi ganz Geschicht fond. Ech hu mir den Text erausgeprint, soll ech iech e virliesen?

Claudine: Ma Professer, wat waarts du dann esou laang?

De Professer hëllt e laangen Ziedel aus der Täsch a fängt un viirzeliesen:

Professer: Am Joer 1798 as et d'Lëtzebuerger Land nach iwerhaapt net gin. D'Leid déi hei gewunnt hun, hun zou Frankräich gehéiert. D'Fransousen hate grad hir Revolutioun hannert sech, an esou goufen et och bei eis an der Geigend eng Rei Ännerungen: gudder an och schlechter. Ennert dem Motto vun der Fräiheit, der Gläichheet an der Bridderlechkeet kann elo jiddereen séng Meenung soen a schreiwen.

Claudine: Zielen d'Gesetzer fir jiddereen d'selwecht, huet den Adel an d'Paschtéier keng Virrechter méi.

Ali: Muss jiddereen d'nemmlecht Steiere bezuelen.

Elise: Awer d'Leid sinn onzefridden, well se méi héich Steiere musse bezuelen wéi virun der Revolutioun.

Zweelise: Vill Paschtéier därfe keng Mass méi halen, well si den Eed net op d'Revolutioun ofleë wëllen.

Michel: Nëmmen, wéi dunn och nach all Männer vun 20 bis 25 hu missen an d'franséisch Arméi goen, du koum et zum Opstand. Dat si jo och jhust grad déi Männer, déi am beschte schaffe können, wann een si och elo nach an d'Arméi rifft, fort vun de Felder, da geet et hire Famillje jo nach méi schlecht.

Professer: Ganz genau! D'Baueren hun sech also zesummegekommen, opgestëppelt vun de Paschtéier, den Eisträicher an den Englänner, fir géint d'Fransousen ze

zéihen.

Claudine: Nemme si hate vu virerann keng Chance, well si éischtens keng seriö Waffen haten, némme Kléppelen, Greefer, Gafelen, Séisselen an e puer Flénten.

Elise: Si haten och kee richtge Generol.

Michel: A se hate keng Taktik.

Ali: Esou huet et alt missen zum Gemetzels kommen:

Professer, Jo zu Arzfeld, hei an der Eifel an zu Clierf hun d'Fransousen zweemol géint d'Kléppelarméi gewonnen.

Zwelise: An du war schon no siwen Deg de Krich eriwer.

Ali: Nee, nee, dat Schéinst kënnt nach:

Professer: Zu Asselbuer hun e puer Baueran zwee Franséisch Polizisten erschoss. E vun den Täter war dee berühmte Schéifermisch vun Asselbuer:

Michel: Wien?....

Professer: ...de Schéifermisch vun Asselbuer. Grad wéi eng Parti aner Baueran as hie festgeholl an an der Staadt exekutéiert gin.

Claudine: Ma Michel, wat gess du dann esou bleech am Gesicht?

Michel: Et as näischt: Ech hu némmen.... ech... ech hu missen un de Jengi

denken. Si wärten hie jo nach net bei den Hond gespaart hun?

Ali: Ma da ging et iewer rabbelen!

## Scène 6:

Bei dese Wieder kommen d'Bad Kids eran, a stellen sech mat dem gefesselte Jengi virun den Tornadoen op.

Terminator: A, wéi schéin, dee ganze Kirchechouer beieneen.

Rex: Gëtt et eppes ze feieren, mir géife gär hëllefen.

Elise: Loosst dach de Jengi lass, dir dot em jo wéi.

Bad Boy: A Michel, hutt der scho gudd gesicht, no enger Foto vum

Klüppelkrich. Ech gesin dir sidd jo zu genug. Nëmmen ech si sécher, och wann der zu enger Milliouen wiert, da misst de Jengi nawell bei de Mupp.

Terminator: Wau wau wau!

Rex: Ahuuuu!

Bad Girl: An den aarme klenge Jengi, hie färt dach esou!

Michel: Wat as, sidd der presséiert. Emmerhin hu mir nach zwee Deg: An dir kënnt sècher sin, datt mir se wärte notzen.

Bad Boy: Méngentweegen, da waarde mer nach zwee Deg. Schliisslech hate mer  
jo esou gewett. An da gett et flott!

Bad Girl: Jo, Virfreed as déi schéinste Freed.

Terminator: Gedu mäi Jong, hatt huet recht.

Rex: A wat mengt dir, wat de Bulldog sech eréischt freeet.

Bad Boy: Dajee, bis mar, da komme mer erem luussen. Nëmmen ech soen et iech  
gläich, maacht iech keng falsch Hoffnungen, hahaha.

Ali: Pass op du klengen Zoossiswupp, den hei huet scho ganz anerer gepackt.

Den Ali wëllt sech op de Bad Boy stiirzen, an Tornadoe mussen hien zréckhalen. D'Bad Kids verloossen d'Bühn.

Claudine: Jo, elo wësse mer zwar vill iwert de Kléppelkrich, némme mir hun émmer nach keng Foto.

Michel: Dat mecht näischt, ech wees wéi mer de Problem léisen: Mir stellen einfach eng Foto no. Kommt mar em déi selwecht Zäit heihinner, da wärd dir gesin.

D'Tornadoe verloossen d'Bühn. War de Michel nach ganz zouversichtlech virun e puer Minuten, esou muss en elo feststellen, datt eng Foto vum Kléppelkrich nozestellen och nach guer net esou einfach as.

Michel: Eng Foto nostellen. Och dat as einfach gesot. Némme wouhie soll ech dann d'Kostümmer kréien, an nach derzou esou schnell. Déi ganz Geschicht wiisst mir iwert de Kapp.

## Scène 7:

Wéi de Michel esou verdaddert do sëtzt, héiert hien op eemol erem déi komesch Musik, op e Neis kënnt de Niwwel ervirgekroch a him erschéngt eng aner Persoun aus dem Klëppelkrich, se as ugedoen wéi e franséische Gendarme.

Michel: A wie bas du dann elo erem?

Gendarme: C'est moi, Thermotte. Je suis gendarme de la République Française. Il y a longtemps on m'a assassiné à Asselbuer. Je croyais me battre pour la révolution: liberté, égalité, fraternité. Mais en fait ces mots n'avaient pas grand sens pour moi et je n'avais point connu leur signification. Aujourd'hui, après 200 ans, je sais enfin qu'il ne vaut pas la peine de mourrir pour des paroles. Pintz, mon assassin est executé lui-même au Limpertsberg. Pauvre idiot, ... Mais toi, à qui la vie offre tout son printemps, pourquoi tu pleures? Pourquoi ce désespoir minable? Pourquoi tu ne te blettes pas? Tu sais qu'à Weiswampach on fête le bicentenaire du Klëppelkrich le 3,4 et le 5 juillet 1998, avec un grand jeu. Tu as besoin de costumes? Alors pourquoi tu ne demandes pas à ces gens -là?

A mat dëse Wierder verschwënd den Thermotte.

Michel: Richteg, o nee, wat war ech blöd. Zu Wäiswampech gëtt den 3.,4. an 5. Juli 1998 e grousst Theaterstéck iwert de Klëppelkrich opgefouert, do hun se natiirlech all déi Kostümer, déi mer brauche fir de Jengi erauszekréien.

## Scène 8:

Ali: Wow, cool, zu Wampech kréie mer déi ganz Kostümmer!

Claudine: Hei kukk, de Professer war mat séngem Bopa op Wampech, a si hun all d'Kostümer matbruecht:

Professer: Den 3., 4. an 5. Juni 1998 gëtt zu Wampech e grousst Theaterstéck iwert de Kléppelkrich...

Michel: Jo Professer, ech wees, ech krut et jhust gesot.

Professer: Ma Michel, wouhir wees du dat dann?

Michel: Allez, dat spillt elo keng Roll méi, a do si Kostümer... Dajee, séier, mäi Fotoapparat as prett, fänkt iech e puer Modeller.

D'Tornadoe lafe vun der Bühn, a bréngen e puer aner Kanner mat erop, déi sech schnell verkleede mussen. Et gëtt déi ganzen Zäit gehetzt. D'Foto gëtt gemaach, an d'Kanner gin erem vun der Bühn gejot.

Tornados: Dajee, dajee, da maacht virun, d'Bad Kids sin  
ënnerwee.

Knapps sin d'Kanner vun der Bühn, stin d'Bad Kids schon do mat  
hirer  
Geisel. D'Tornadoe loossen sech näischt umierken.

## Scène 9:

Terminator: Nach eemol schlofe goen, Jengi, dann as de Muppi  
do.

Rex: Ech sot dem Noper e soll en haut net fidderen.

Terminator: Da kann e mar besser happihappi man.

Claudine: Ech ging mech an ärer Plaz net ze fréi freën.

Bad Girl: A wat soll dan do nach schiifgoen. Ech mengen dir gleewt nach un de Kleeschen!

Ali: Hal de Mond, Zoppenhung. Kukk der déi heiten un.

Bad Boy: Jo, Michel, ech gesin du hues nach keng Foto.

De Michel réselt de Kapp.

Bad Boy: Ma da géif ech mech iewer emol drugin, du wees jo, mar as den drëtten Dag, an da geet et mam Jengi bei de Bulldog.

Michel: A jo, elo hat ech dat bal vergiess. So hutt dir näischt ze din, datt dir déi ganzen Zäit hei eremtréppelt? Waart dir villäicht op den Ouschterhues, mat séngen schoklas Eercher?

Terminator: So Männchen, gëff elo net frech elei.

Ali: Da waart du Rommelochs, elo geet et duer.

Domadder fenken se e Sträit un, bei dem se all zimlech séier um Buedem leien, an sech do wenzelen. Ouni datt déi aner et mierken, hëllt den Professer heemlech de Film aus dem Apparat a mécht sech aus dem Stëps.

Terminator: Oh, a wat hun ech dann hei fond?

Hie reefet de Fotoapparat op, mengt iewer net, datt en eidel as.

Rex: Ma dat as dach dem Här Starfotograf säin Apparat. Elo huele mer deen emol mat.

Terminator: Kukkukk, Steichen, kukk emol wat den Huesi hei huet.

Michel: Du Sau! Gëff mer direkt den Apparat erem.

Rex: Da komm, huel der en.

Si werfen sech den Apparat zou. De Michel probéiert verzweielt en opzefenken, mee e kënnt net drun. Schliisslech verschwannen si vun der Bühn. (eventuell durch de Sall.)

Ali: Merde, elo si mer gebéit!

Elise: Wéi konnt dat do némme geschéien.

Zwelise: Ech ging esouguer soen, wéi konnt dat némme geschéien.

Nodeem de Michel ouni Fotoapparat op d'Bühn zréckkomm as, setzen si sech dohinner a man en dommt Gesiicht.

Michel: Esou wärt et de Kléppelmänner och gaange sin, wéi se der vun de Fransouse laanscht d'Panz kruten.

Ali: Wann ech déi Drecksäck erwëschen, da....

Claudine: Ech künnt kräischen.

Hatt fänkt un haart ze kräischen.

Michel: Ech hätt d'Foto nach jhust entwëckele missen, dann hate mer d'Wett gewonnen. Mee elo hun si de Fotoapparat, a mir künne bis mar keng nei Foto méi man.

Elise: So, wou as iwerhaapt de Professer?

Ali: Ma dee mécht sech dach èmmer aus dem Stëps, wann et un d'Klappe geet!

Elise: An esou kuurz virum Zil!

Zweelise: Ech géif esouguer soen, esou kuurz virum Zil...

Michel : Allez, gitt heem, elo si mer verluer.

D'Tornadoe verschwanne vun der Bühn. De Michel bleiwt eleng zeréck.

## Scène 10:

Erem erkléngt déi komesch Musik, Niwwel kraucht ervir. Mee des Kéier tauche keng Persounen aus dem Kléppelkrich op, mee, de Kéier sin et d'Bad Kids, déi sech lëschteg man iwert de Michel. De wëllt fortlafen, wenzelt iwer de Buedem a krëmmt sech schrecklech.

Terminator: Wau, wau, ech sin de Bulldog.

Jengi: Michel,... Michel...

Rex: Am Pëtz do sëtzt de Kropemann...

Bad Boy: A mar geet de Jengi bei de Mupp...

Bad Girl: Ei, wat gëtt dat eng Freed...

Terminator: Waa, waa, ech sin de Mupp,... de Mupp,... de Mupp...

Jengi: Claudine, Michel.....

Rex: ...e lauert mat der Kropestaang, bis en de Jengi huet gefaang...

Bad Boy : ...esou as d'Wett... da geet et bei de Mupp...

Bad Girl: D'Virfreed as déi schéinste Freed...

Terminator: Wau,wau,wau,wau....

Rex: Am Pötz do sätzt de Kropemann...

De Michel erwächt aus sengem Dram.

Michel: Wir déi Nuecht dach scho gutt eriwer. Déi Drem maache mech nach

geckeg.

An dem Moment kommen d‘Tornadoen op d‘Bühn.

## Scène 11:

Michel: A, do sidd der jo endläch.

Claudine: Jo.

Michel: Gëtt et eppes Neies?

Elise: Jo, de Faber as gëschter mëttag bäigaangen.

Zwelise: Jo, den Auto as huddel an eng Fatz, mee him as näischt geschidd.

Michel: So sidd dir zwee am falsche Film?

Elise + Zwelise: Wéi, gleews du eis dat net?

Michel: Dach, schon, mee wëst dir da net datt haut den Dag ass wou... Hei do kommen se schon.

D'Bad Kids kommen op d'Bühn.

Terminator: An, dir Schnuckelcher, wat seet de Kléppelkrich?

Rex: Ja, wou as dann déi kleng Fotochen.

Ali: Ech soen der, hal se zou, soss gëtt et Schinnegebees!

Terminator: Bleiw cool Man, soss färten eis zwou Äisprinzessinen hei:

Hie weist op d'Elise an d'Zwelise.

Bad Boy: Also Michel, wanns du de Jengi virum Bulldog rette wëlls, da gëtt

et elo Zäit.